diskutéiert gin, wa mir nët wëllen an e Kulturkampf schlidderen.

*(Mediëchronik op dem honnert,7 vum 4. November 2001)*

## Wie manipuléiert wien?

*D'Mediën an d'Journaliste gëlle gären als déi grouss Manipulateuren. A wann et da guer nët esou wär? Wie seet dann, datt et nët d'Journaliste sin, déi stänneg rëskéieren, hierersäits verkasemattuckelt ze gin? Et muss ee sech jhust d'Propaganda an deene leschte Wochen ronderëm de Krich an Afghanistan ukucken. Da mierkt een huerteg, wéi schwéier et as, déi tatsächlech Fakten aus dem ganze Wouscht vun Informatioun an Desinformatioun erauszefilteren.*

An den angelsächsesche Länner gët et zanter en etleche Joer Expertë fir politesch Relations publiques, déi sougenannte *spin doctors*. Si kuréieren dat öffentlecht Bild vun der Reejhirung resp. de Parteien, wann et leid. Mediziner si si duerfir awer keng. De *spin doctors* hier Spezialitéit as et éischter, d'Journalisten op déi jeweileg Linn vun hierem Patron ze bréngen, heiansdo mat subtile Mëttelen, heiansdo mat manner subtile Mëttelen. De Succès vun hierer Aarbecht miesst sech dorunner, op déi blockéiert Konten an de Mediëkommentäre ganz kloer eng Verlängerung vun den Dysfonktionementer oder ganz evident dat Normalst vun der Welt sin.

Den Avantage vun de *spin doctors* as, datt de Reporter genee weess, hei wëllt ee mech op séng Säit zéien. Am investigative Journalismus géif ee par conter mengen, datt et dee Flu tëscht Informatioun a Manipulatioun nët gët. D'Manipulatioun as sécher eng aner, mee et gët si duerfir nët manner. A Frankräich sin am Kontext vun der Parteiefinanzéierung ëmmer nees Artikele geschriwwen gin, an deenen aus den Dossierë vun de *juges d'instruction* zitéiert gouf.

**Bréissel wëllt den Drock op d'Journalisten verstäerken. Aus engem Textprojet fir eng Directive geet ervir, datt e Reporter sech strofbar mécht, wann hie Finanzneiegkeete bréngt, déi falsch oder mëssverständlech sin.**

En Untersuchungsriichter, deen an esou enger delikater Affär esou ondelikat Froe stellt, kritt fréier oder spéider de politeschen Drock ze spieren. An däer Situatioun kann hien nët ganz ongléckIech sin, wann an der Presse vill Gedäisch iwwert eventuell illegal Transaktioune vu Suën un d'Parteie gemaach gët. Domadder kritt hien eng minimal Garantie, datt séng Enquête nët esou liicht vum politesche Personal ënnert den Teppech ka gekiert gin. An de Journalist huet eng gudd Story. A wann hie vun der Politik virgehäit kritt, hien hätt sech instrumentaliséiere gelooss, kann hie sech ëmmer mat dem Argument, et bestéing schliisslech e ganz eendäitegt öffentlecht Interessi un dësem Dossier, verdeedegen. Et däerf een dervunner ausgoen, datt de Reporter nët komplett op sech selwer gestallt war, fir déi néideg Akten ze fannen. Eng geziilten Indiskretioun hëlleft nawell an esou Fäll.

Jhust: Wéini gët de Journalist en nëtzlechen Idiot? Zu engem, deen an d'Evenementer agräift, amplaatz d'Publikum driwwer z'informéieren? Ugeholl, eng Firma A wëllt eng Firma B iwwerhuelen. D'Verhandlungen, vun deenen d'Öffentlechkeet näischt weess, si blockéiert. De Reporter kritt en Tuyau an huet säi Scoop. Doropshin klammen d'Aktië vun der Entreprise B, an d'Entreprise A muss definitiv méi Suën op den Dësch leën. Respektiv d'Verhandlunge gin ofgebrach. Dat weess een ni esou genee. Dem Journalist as dat souwisou egal, him geet et jo an éischter Linn em d'Informatioun.

As dat deontologesch korrekt? Ech menge jo, schliisslech huet hien all séng Informatiounen op den Dësch geluecht, nët nëmmen een Deel, wat da wierklech eng Manipulatioun gewiescht wäer. Op et opportun as, eng Nouvelle ze bréngen, muss d'Redaktioun décidéieren, vun deem Moment un, wou garantéiert as, datt si stëmmt. Datt e Reporter heiansdo d'Spill vun engem Drëtte mecht, dat gehéiert iewen zum Beruff.

Liichtfankeg däerf hien allerdéngs nët sin, soss kënnt et him wéi dem Seymour Hersh goen. Den Doyen ënnert den amerikaneschen Investigatiounsjournalisten hat während sénger Recherche fir d'Buch *The Dark Side of Camelot* iwwert den John F. Kennedy brisant Dokumenter opgedriwwen, ënner anerem eng handschrëftlech Note vum Marylin Monroe, aus däer een d'Konklusioun konnt zéien, datt hatt definitiv eng Affär mat dem President hat. Jhust iert d'Buch sollt an den Drock goen, koum allerdéngs eraus, datt de Bréif an de Rescht eng Fälschung waren. Den Hersh huet dat agesin a säi Manuskript nei kalibréiert. Hätt hie séng Sensatioun publizéiert, da wäer dat geschitt, wat wuel vu virera mat dëser Manipulatioun geplangt war: de Journalist hätt séng formidabel Réputatioun selwer zerstéiert.

PS: Bréissel wëllt den Drock op d'Journalisten verstäerken. Aus engem Textprojet fir eng Directive geet ervir, datt e Reporter sech strofbar mécht, wann hie Finanzneiegkeete bréngt, déi falsch oder mëssverständlech sin. Dorënner falen och Flüchtegkeetsfehler, an et spillt keng Roll, datt de Mëssel ouni Absiicht passéiert as. D'Vertrieder vun de Journaliste fuederen duerfir, dëse Passage esou ze änneren, datt e Reporter jhust da ka sanktionéiert gin, wann en eng faul Informatioun géint säi bessert Wësse virugereecht huet.

*(Mediëchronik op dem honnert,7 vum 18. November 2001)*